Wee2050
nee2015

Mir sinn déi politesch Mëtt

Pressecommuniqué, 15.11.2016

Bildungspolitik vum Minister Claude Meisch: Manner Lëtzebuergesch, méi Franséisch!

De Minister Claude Meisch huet decidéiert fir am Precoce de Stellewäert vum Lëtzebuergeschen zeréck ze schrauwen an dofir Franséisch (net Däitsch a net d'Weltsprooch Englesch) anzeféieren. De Ministère schwätzt vun engem Paradigmewiessel(!) an der Bildungspolitik:

> Les parties partagent aussi l'avis que le cycle 1 ainsi que les cycles suivants devront s'adapter et répondre à ce changement de paradigme de la politique éducative.
>
> Ce changement rend nécessaire une modification de l'article 7 de la Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental :
>
> **Art. 1.** Au 2e point de l'article 7 les mots «, l'initiation à la langue française » sont insérés entre les mots « luxembourgeoise » et « et ».
>
> Il faudra dorénavant lire le point 2 comme suit : « 2. le langage, la langue luxembourgeoise, l'initiation à la langue française et l'éveil aux langues. »

(*http://www.sne.lu/documents/infoaccc1docoff.pdf*)

Mir froen eis, wat d'Ziel vun dësem Paradigmewiessel an der Bildungspolitik ass? Sollen d'Kanner mëttelfristeg op franséisch alphabetiséiert ginn? Soll déi däitsch Sprooch aus eisem Bildungssystem verdrängt ginn, sou wéi de Fernand Fehlen et viru kuerzem proposéiert huet? Soll Franséisch eis Haaptsprooch ginn? Geet et hei wierklech em d'Méisproochegkeet oder just em d'Stäerkung vum Franséischen? Wéi stellt sech de Ministère déi sproochlech Zukunft hei zu Lëtzebuerg fir? Wéi gesäit de Ministère de Stellewäert vum Engleschen a 15 Joer, dann wann déi betraffen Kanner erwuessen sinn?

De Precoce ass 1997 ënnert der Ministesch Erna Hennicot-Schoepges agefouert ginn, fir den auslänneschen Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, schonn méi fréi Lëtzebuergesch ze léieren.

Mir soen: Integratioun, sozialen Zesummenhalt an Chancëgläichheet fonctionnéieren nëmmen mat enger gemeinsamer Sprooch: d'Lëtzebuerger Sprooch.

Dofir ass et wichteg, dass déi vill auslännesch Kanner d'Lëtzebuerger Sprooch sou séier wéi méiglech léieren an der Crèche, am Précoce an an der Spillschoul.

A mir soen, dass een d'Kanner, a ganz besonnesch déi auslännesch Kanner, déi schonn vun doheem aus eng ganz aner Sprooch schwätzen, net schonn sou fréi mat enger zousätzlecher Friemsprooch (Franséisch) soll belaaschten.

Mir däerfen och net déi Kanner vergiessen, déi Problemer mat Sprooch, Schwätzen an Héieren hunn. Fir si ass et besonnesch wichteg eng Sprooch lues a lues ze festegen.

Mir verweisen nach eng Kéier op d'Kritik vum Bildungsfuerscher Romain Martin vun der Uni Lëtzebuerg:

> *"Er (R. Martin) habe aus dem Referendum herausgehört, so Martin, dass Luxemburger einen „ganz, ganz großen Wert auf die luxemburgische Sprache" legten. Voraussetzung für eine Alphabetisierung auf Französisch sei, Kinder schon im Spielschulalter an Französisch heranzuführen.* ***Dann aber würde Luxemburgisch in den Hintergrund treten, was offensichtlich keiner wolle****."*
> *(*http://www.land.lu/2015/08/21/schicksalsfrage-sprachen%E2%80%A9/*)*

Mir erënneren och un déi fréier Aussoen vum SNE (Den SNE huet awer elo den 8.November 2016 säin Accord fir de „Paradigmewiessel an der Bildungspolitik" ginn….):

> *"D'lëtzebuergesch Sprooch ass, a soll, fir Kanner mat esou villen ënnerschiddleche Mammesproochen, déi Sprooch sinn, déi si gemeinsam gebrauchen (Langue véhiculaire). Si ass d'Basis fir eng gutt Sozialisatioun an Integratioun.*
> *An dësem Kontext schéngt et der Gewerkschaft SNE-CGFP awer och wichteg ze ënnersträichen, dass si enger Aféierung vun däitschem oder franséischem Unterrecht am Precoce, oder generell am Cycle 1 ganz kritesch géintiwwer steet."*
> *(SNE-CGFP, 18. Januar 2016)*

http://www.sne.lu/documents/bilanprecoce.pdf

http://www.sne.lu/mp3/meisprooch.mp3

A Punkto Méisproochegkeet: Dem Ministère seng Internetsäit ass nach ëmmer net méisproocheg....

d'Initiativ *Wee2050 - nee2015*